29-30 JUNI 2023

Universitéit Lëtzebuerg
Campus Belval,
Esch-sur-Alzette

Humanities

D'Theeme vum Dag

D'Geschicht vu Lëtzebuerg duerch d'Lëns vum Batty Weber sengem *Abreisskalender* (1913-1940)

Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft,
Institute of English Studies, Department of Humanities

De Batty Weber (1860-1940) gehéiert zu deene bekanntsten a produktiivste Schréftsteller an der Lëtzebuerger Literatur- a Kulturgeschicht. Säit 2018 sinn dem Batty Weber seng iwwer 7000 *Abreisskalender*-Feuilletonen an digitaler an duerchsichbarer Form accessibel: **https://battyweber.uni.lu**.
Eis Tagung invitéiert Fuerscher.innen aus de verschiddenste wëssenschaftleche Gebidder sech mat deem breetgefächerten Theemespektrum vum Weber sengem Feuilletonwierk auserneenzesetzen.

Méiglech Géigestänn wieren:

- Historesch, politesch a kulturell Evenementer
- Stadgeschicht, Urbanismus an Architektur
- Lands-, Europa- a Weltgeschicht
- Kierch a Relioun
- Philosophie
- Wëssenschaften
- Gastronomie, Vitikultur a Caféskultur
- Krich a Konflikter
- Monarchie a Kolonialismus
- Landschaft, Regioun, Natur an Ëmwelt, Déierewelt
- Ökonomie, Tourismus, Kommerzgeschicht
- Sproochen, Sproochepolitik a Méisproochegkeet
- Literatur an alle Formen
- Konscht, Molerei, Skulptur, Musek, Danz, Film
- Muséesplangung, Denkmalschutz a kulturelle Patrimoine
- Sport a Fräizäit
- Kandheet, Jugend a Schoul

Format:

D'Virträg sollen net méi wéi 30 Minutte laang sinn. Si kënnen op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch oder Englesch sinn.

Schéckt wgl. en **Abstract vun ca. 250 Wierder bis den 28.2.2023** mat enger kuerzer biographescher Presentatioun dem Anne-Marie Millim
anne-marie.millim@uni.lu
an dem Sébastian Thiltges
sebastian.thiltges@uni.lu.



© Foto Raymon Mehlen (Collection CNL)

uni.lu
FACULTY OF HUMANITIES, EDUCATION AND SOCIAL SCIENCES